Stad Lëtzebuerg
Programm fir d'Gemengewalen 2023

(mof sinn déi Kapitelen, déi explizit op d'Stad Lëtzebuerg vun der Stater Sektioun ausgeschafft gi sinn)

Gerecht Léisunge fir haut a muer

Inhaltsverzeechnes:

• MATBESTËMMUNG & TRANSPARENZ VERBESSEREN 4

AFÉIERE VUN ENGEM BIERGERROT 4
QUARTIERSRÉIT ARIICHTEN 4
E JUGENDGEMENGEROT ARIICHTEN 4
QUARTIERSGESTALTUNG OCH AN DE SCHOULEN DISKUTÉIEREN 4
EENZEL SCHOULEN SOLLEN DE „PLAN DE DÉVELOPPEMENT" NOTZEN FIR ENG BESSER INTEGRATIOUN 5
DE KANNER D'BETRIBER WEISEN 5
ALL KAND SOLL ENTDECKER AN ERFANNER KËNNE SINN 5
BIERGERVERSAMMLUNGEN A FROESTONNEN 5
ËFFENTLECH GEMENGEROTSSITZUNGEN 5
MÉI TRANSPARENZ BEIM SCHÄFFEROT 6
TRANSPARENT KOMMISSIOUNSSËTZUNGEN 6
MÉI REFERENDEN OP GEMENGENNIVEAU 6
PARTICIPATIV BUDGETEN 7
NOHALTEG INVESTITIOUNE FIR DE BUDGET AM EQUILIBER ZE HALEN 7
GEMENGEFUSIOUNEN 7
EINFACHEN ZOUGANG ZU DOKUMENTER 7
TRANSPARENZ BEI GEMENGESYNDIKATER A GEMENGEBETRIBER 8
KOMMUNIKATIOUN AN INFORMATIOUN 8
ACCESSIBILITÉIT VUN DER GEMENG 8
OPEN SOURCE FËRDEREN 8
OPEN DATA 8

• ËMWELT, KLIMA AN NATUR SCHÜTZEN 10

DRECK GEHÉIERT AN D'POUBELLE, NET OP DE BUEDEM! 10
MÉI HAUSCOLLECTE AMPLAZ VU CONTAINEREN 10
ËNNERIERDESCH CONTAINEREN AUSBAUEN. 10
MÉI ËFFENTLECH SANITÄRANLAGEN AN DE QUARTIEREN 11
BËSCHER SCHÜTZEN 11
MANNER BËTONG, MÉI NATUR 11
RICHTEG NATUR APLAZ ZIERPLANZEN 11
ENERGIENEUTRAL GEMENGEN 12
SOLARANLAGEN MASSIV AUSBAUEN 12
NEIE QUARTIER = NETTO-NULL-ENERGIE 12
DE VERBRAUCH VUN ËFFENTLECHE GEBAIER PROGRESSIV REDUZÉIEREN 12

Ouni Luedstatiounen keng E-Autoen 12
Nei Weeër bei der Energieproduktioun goen 13
Waasser intelligent notzen 13
Iwwerschwemmungen an de Grëff kréien 13
Flott Spillplazen am Respekt mat der Natur 14
Méi Fitnessplazen an all Quartier 14
Infrastrukturen an ëffentlecher Hand 14

• D'LIEWENSQUALITÉIT AN EISE GEMENGEN STÄERKEN 15

Wat d'Gemeng bezilt, muss jidderengem zegutt kommen 15
Lokal Veräiner ënnerstëtzen 15
Lokal 'maison des associations' schafen 15
En ëffentleche Subsideregister 15
Historesch Gebaier mat Liewe fëllen 16
Besser Integratioun vun neie Matbierger 16
Sproochecoursë fir jiddereen 16
E Biergerbeobtragte fir all Quartier 16
Integrationsdelegéierten 16
Handicap-Delegéierten 16
Accessibel Servicer fir den drëtten Alter a Leit mat Handicap 17
Boergeld bäibehalen 17
Internet fir jiddereen an iwwerall (Free-WIFI) 17
Gutt wunnen a gutt liewen 17
Wunnquartieren géint Duerchgangsverkéier sécheren 18
Besser Zesummenaarbecht mat de Randgemengen 18

• WUNNEN ZU LËTZEBUERG MÉIGLECH MAACHEN 19

D'Gemeng muss méi Wunnraum schafen (10€/m2) 19
Baulandreserven vun der Gemeng fir lokative Sozialwunnengsbau notzen 19
D'Wunnenge bleiwen an ëffentlecher Hand 19
Ëffentlech Wunnengen no klore Krittäre verlounen a verkafen 19
Mietkauf erméiglechen 20
Sozial Wunnengen 20
Wunnengen & Infrastrukturen zesumme plangen 20
Virkafsrecht konsequent notzen 20
Nei Wunnformen erméiglechen 21
Prekäert Wunnen net toleréieren 21
Keng Luxusvillaen, mee méi moderat Haiser fir jiddereen 21
Perimetererweiderunge verhënneren 21
Eng stättesch Wunnengsbaugesellschaft grënnen 21
En ëffentleche Baulückekataster 22
Méi Hëllefen fir Obdaachloser 22
Eng ëffentlech Lëscht vun alle Wunnengen ouni ugemellte Wunnsëtz 22
Eis Gemeng opliewe loossen 22

• ENG GESOND LOKAL EKONOMIE OPBAUEN 23

D'Gemeng ass ee responsabele Konsument 23
Noversuergung fir jidderee garantéieren 23

Den Exodus vu klenge Geschäfter ophalen 23
Industriezone fir regionaalt Handwierk a Produkter 23
Lokaler fir Social Entrepreneurship virgesinn 23
Co-Working Spaces bei stättesche Projeten 24
E One-Stop-Shop fir Entrepreneure schafen 24
Eng Landwirtschaft viru menger Dier 24
Responsabel Finanzen 24
Nohalteg Investitioune fir de Budget am Equiliber ze halen 24
D'wirtschaftlech Aktivitéite vun der Gemeng reduzéieren 25
Eng gesond Approche zum Wuesstem 25

• MOBILITÉIT VUN DE LEIT VERBESSEREN 26

Autofräi Quartieren a Shared Spaces ausbauen 26
All Quartier soll e Plang fir Mobilité douce kréien 26
Den ëffentlechen Transport ausbauen 26
Vëlofueren an Trëppele méi angeneem gestalten 26
Vëlo a Bus méi kompatibel maachen 27
Club Bus Service 27
Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren 27
Camionnettsparkingen schafen 27
Parkplaze fir Fleegedéngschter schafen 27

• SÉCHERHEET AN EISE GEMENGEN ERHÉIJEN 29

Méi Policepresenz 29
Keng privat Police 29
Präventioun: méi Street Worker 29
Gemengebeamten stäerken 29
Videoiwwerwaachung ass keen Zaubermëttel 29
Baulech Moossnahmen fir ee bessert Sécherheetsgefill 30
Méi Sécherheet op eise Stroossen 30
Technik notzen fir méi Stroosséchereheet 30

• DÉIERESCHUTZ AN EISE GEMENGEN HÉICH HALEN 31

Opklärung an Informatioun géint Déierequälerei 31
Fir eng modern & ethesch korrekt Juegd 31
Eng Plaz fir eis Muppen an der Gemeng 31
Sammelstatiounen a Plaze fir Wëlldéieren 31
Obligatoreschen Chip fir Hënn a Kazen 32
Keng Déieren am Zirkus 32
Déierekierfecht 32

•Matbestëmmung & Transparenz verbesseren

D‘PIRATEN setzen sech säit hirer Grënnung fir eng méi direkt Demokratie an. D‘Politik muss méi no un de Bierger:innen sinn, an si muss d’Leit endlech an der Politik matdiskutéiere loossen. Vill Leit hunn Iddien a géifen se gäre matdeelen, mee wëssen net wéi a wou oder se wëllen net an enger Partei aktiv sinn. D‘PIRATEN wëllen de Leit Méiglechkeete ginn, fir sech iwwert nei Weeër aktiv an der Gemeng abréngen ze kënnen.

Aféiere vun engem Biergerrot

Bierger:innen wéi s du an ech zesummebréngen, an hinnen eng offiziell Plattform ginn, fir hir Iddien ëmzesetzen. Dat ass d’Iddi vum Biergerrot.

Dëse Biergerrot soll per Zoufallsprinzip zesummegesat ginn an d’Bevëlkerung an der Gemeng representéieren. Een Deel vum Biergerrot kéint direkt vun der Gemeng gewielt ginn. All 3 Joer gëtt dann eng Hallschent vum Biergerrot ersat. D’Mandat am Biergerrot wiert inkompatibel mat engem Mandat am Gemengerot oder als Member vu consultative Kommissioune sinn.

De Biergerrot soll eegestänneg schaffe kënnen an dem Gemengerot Propose maachen, op déi d’Politiker da reagéiere mussen. De Biergerrot soll och ee Budget vum Gemengerot bereetgestallt kréien, fir selwer Projeten ze realiséieren a fir d’Organisatioun vum Biergerrot ofzedecken (Sekretär, etc.).

Quartiersréit ariichten

Fir datt all Quartier sech selwer besser organiséiere kann, fuerdere mir, datt an all Quartier e Rot vu 5 oder méi Persounen, déi gewielt solle ginn, ageriicht gëtt, fir esou d‘Belaanger vum Quartier vis-à-vis vun der Gemeng ze representéieren. Dës Réit sollen net aktuell Syndikater ersetzen, mee komplettéieren. Duerfir soll eng vun deene 5 Persounen en Delegéierten vum Syndicat sinn! Si solle fir méi Flexibilitéit suergen, an eventuell e méi direkten Uspriechpartner sinn.

E Jugendgemengerot ariichten

Fir datt och déi Jonk kënne méi aktiv iwwert eis Stad matentscheeden an diskutéieren, setze mir eis dofir an, datt souwuel e Jugendgemengerot wéi och Kannerréit an de Quartieren ageriicht ginn. Dëst erlaabt et dann och d‘Meenung vun der nächster Generatioun Stater ze kréien.

Quartiersgestaltung och an de Schoulen diskutéieren

D‘Schoule sinn eng wichteg Plaz fir mat de Kanner ze diskutéieren wat fir si am Quartier klappt oder wat feelt. Dofir fuerdere mir datt eemol d‘Joer an de Schoulen iwwert d‘Quartiersgestaltung diskutéiert gëtt, an datt dës Resultater

och dem Gemengerot bei enger Visitt presentéiert ginn.

Eenzel Schoulen sollen de „plan de développement“ notzen fir eng besser Integratioun

Keng Schoul an der Stad ass d‘selwescht, all Schoul huet hir spezifesch Problemer mee och Avantagen an dofir soll och all Schoul hire plan de développement notzen, fir eng besser Integratioun vun alle Kanner an hirem Quartier ze förderen.

De Kanner d‘Betriber weisen

Mir sinn der Meenung, datt Kanner fréi schonns solle gesinn wou Produiten hierkommen a wéi eis Wirtschaft fonctionéiert. Dëst fir datt se verstinn, datt hannert all Produit a Service Aarbecht. Dofir fuerdere mir datt Visiten a lokale Betriber zum Curriculum vun all Schoul soll gehéieren.

All Kand soll Entdecker an Erfanner kënne sinn

Fir datt Kanner kënnen erausfannen wat hinnen am beschte gefält, fuerderen d‘PIRATEN, datt all Kand am Fondamentale eemol soll an eng „Classe Verte“ goen an eemol an e „Makerspace“ fir esou d‘Emwelt ze entdecken an erauszefannen, datt jiddereen Talenter huet.

Biergerversammlungen a Froestonnen

D’PIRATEN wëllen een aktiven Austausch an Diskussioune mat de Bierger:innen. D‘Gemeng soll mindestens zwee Mol am Joer Biergerversammlungen organiséieren, wou d’Bierger:innen mat de Gemengeverantwortlechen ëffentlech op enger Plaz zesummekommen an Iddien, Problemer an Doleancen diskutéiert kënne ginn. Op dëse Biergerversammlunge soll d’Gemeng zukünfteg Projete virstellen an ëffentlech Froestonne maachen, an deenen d‘Bierger:innen hir Meenung matdeelen, Froe stellen a Proposen areeche kënnen.

Ëffentlech Gemengerotssitzungen

De Gemengerot ass dat wichtegst Gremium an der Gemengepolitik: hei ginn déi wichtegst Decisioune fir d’Awunner vun der Gemeng getraff. Duerch méi Transparenz an e besseren Zougang zu Informatiounen am Gemengerot suerge mer fir méi Biergerbedeelegung. Dëst stäerkt eis Demokratie.

D’PIRATEN fuerderen dofir

- eng proaktiv Transparenz vu Gemengerotssitzungen. De Sëtzungskalenner, den Ordre du Jour an all déi zougehéireg Dokumenter

musse mindestens 1 Woch am Viraus integral an online verëffentlecht ginn.

- een online Livestream fir de Gemengerot. De Gemengerot muss seng Sitzungen iwwert Livestream online iwwerdroen an duerno um Internetsite vun der Gemeng verëffentlechen, ofspäicheren a fir jiddereen accessibel halen.

Méi Transparenz beim Schäfferot

De Schäfferot muss d'Rapporte vu senge Sëtzungen ëffentlech maachen, fir datt de Gemengerot seng Kontrollfunktioun him vis-à-vis kann ausüben.

Transparent Kommissiounssëtzungen

Verschidde Gesetzer gesi vir, dass eng Gemeng Kommissioune muss hunn, fir iwwert verschidde politesch Sujeten ze diskutéieren (z.B. d'Schoulkommissioun). Dës Kommissioune beschäftege sech mat konkrete politeschen an administrative Projeten an dofir misst de Bierger och hei informéiert ginn, iwwert wat diskutéiert gëtt.

D'PIRATEN wëllen,

- datt all Kommissioune komplett ëffentlech ginn. Den Ordre du Jour an all déi zougehéireg Dokumenter mussen den Dag virdrun integral an online verëffentlecht ginn. D'Rapporte vun de Kommissiounssëtzunge mussen online verëffentlecht ginn an de Vott an de Kommissioune soll nominativ ginn.

- datt d'Sëtzungen och am Livestream gewise ginn.

- datt d'Kommissioun, déi sech mat de Baugeneemegungen an der Gemeng beschäftegt, muss d'Informatioune kréien, wien de Bauhär a wien de Promoteur vun engem Projet ass, fir hir Kontrollfunktioun richteg kënnen ze notzen.

Méi Referenden op Gemengenniveau

D'PIRATEN sinn der Meenung, dass bei wichtegen Dossieren, Projeten oder grousse budgetäre Froe an enger Gemeng d'Bevëlkerung soll gefrot ginn a selwer matentscheeden.

D'PIRATEN géife méi Matbestëmmung erlaben

- andeems méi Biergerbegier oder Referenden organiséiert ginn;

- andeems d’Reegele fir Referenden opgelackert ginn: wa genuch Awunner:innen aus enger Gemeng eng Demande ënnerschreiwen, muss de Sujet op den Ordre du Jour vum Gemengerot kommen, a Presenz vun den Demandeuren.

Participativ Budgeten

Beim participative Budget geet et dorëms, eng Méiglechkeet ze schafen, deen et de Bierger:innen, erlaabt e Wuert bei den ëffentlechen Ausgaben matzeschwätzen. Konkret gëtt e Prozentsaz vum Gemengebudget fir de participative Budget zur Verfügung gestallt. Doropshin kënnen dann d’Awunner:innen an engem transparente Prozess doriwwer entscheeden, wou dës Moyene sollen hi fléissen. Net nëmme Bierger:inne sollen un deem Prozess deelhuelen, mee och lokal Betriber an Associatiounen. Bis ewell ginn et iwwer 4000 Stied a Gemengen an Europa, déi dës Form vu Biergerbedeelegung schonn implementéiert hunn.

Mir PIRATEN fuerderen, datt de participative Budget an der Stad Lëtzebuerg am Kader vu folgenden Thematiken agesat soll ginn:

Nohalteg Liewen; Douce Mobilitéit; Kulturförderung; den ëffentlechen Raum regeneréieren.

Nohalteg Investitioune fir de Budget am Equiliber ze halen

Fir de Budget och an Zukunft am Equiliber ze halen, fuerdere mir, datt d‘Stad verstäerkt nohalteg Investitioune mat hire Reserven mécht. Dës Investitioune sollen an nohalteg Energieproduktioun, bezuelbare Wunnraum an Offeren vun Aktivitéite fir d‘Zesummeliewen ze förderen abruecht ginn.

Gemengefusiounen

D'PIRATEN sti positiv géigeniwwer de Gemengefusiounen, well domadder Ressourcen besser kënnen agesat ginn, an d'Fusiounsgemenge gréisser Projete besser plange kënnen. D'Decisioun fir eng Gemengefusioun muss awer vun de Bierger:innen kommen. Dofir ass et fir d'PIRATEN kloer, datt d'Entscheedung vun enger Fusioun muss iwwert ee Referendum vum Bierger getraff ginn.

Einfachen Zougang zu Dokumenter

Formulare mussen op der Gemeng ouni Barrièren ze kréie sinn a sollen an den 3 Amtssproochen um Internetsite vun der Gemeng zu all Moment fir d’Leit zougänglech sinn. D’Dokumenter sollen och vu Persoune mat visuellen oder auditive Beanträchtegunge kënne verstane ginn.

Transparenz bei Gemengesyndikater a Gemengebetriber

All Organisatioun, an deenen eng Gemeng vertrueden ass, soll seng Rapporten, Dokumenter a Sëtzungen genausou ëffentlech oppeleeën, wéi d'Gemeng et selwer mécht. Wann eng Gemeng mat private Betriber op Projeten zesummeschafft, dann ass et kloer, dass dës Betriber de Bierger:innen déngen, well ëmmerhin goufen hei Steiergelder investéiert. D'Gemengesyndikater falen ënnert d'Gemengegesetz, mee an der Realitéit kréie weder de Public nach d'Oppositioun am Gemengerot Informatiounen, wat do diskutéiert an decidéiert gëtt. D'PIRATEN wëllen, datt d'Reegelen, déi bei der Gemeng gëllen, och vun de Gemengesyndikater agehale ginn.

Kommunikatioun an Informatioun

D'Website vun enger Gemeng soll d'Plaz sinn, wou d'Bevëlkerung all d'Informatiounen zum Liewen an der Gemeng ka fannen, wou d'Veräiner kënne Reklamm fir Eventer maachen a wou Informatiounen zum Liewen an der Gemeng gedeelt ginn. D'Website soll een Austausch mam Bierger an den Organisatiounen erméiglechen, zum Beispill iwwert d'Aféiere vun engem Formulaire oder engem ëffentleche Forum, wou d'Leit Problemer an der Gemeng kënne weiderginn.

Accessibilitéit vun der Gemeng

Et muss fir d'Awunner méiglech sinn, hir Demarchen op der Gemeng och ausserhalb vun den traditionelle Bürosstonnen ze maachen, sou datt d'Leit sech net extra musse Congé huelen, fir eng Demarche ze maachen. Entweder andeems een d'Ëffnungszäite vun de Büroen op der Gemeng méi flexibiliséiert oder andeems een d'Demarchen, esou wäit et geet, op digitalem Wee ubitt.

Open Source förderen

All Joer ginn d'Gemengen honnertdausenden Euro fir Computerlizenzen aus, obwuel et a ville Fäll méi gënschteg a gläichwäerteg Alternative ginn. Hei kéinte vill Sue gespuert ginn andeems een op Open Source Programmer setzt, bei deenen de Quelltext oppen ass an déi een deemno kann un d'Besoine vun der Verwaltung upassen. D'PIRATEN setzen sech dofir an, dass d'Gemengen op eng national Léisung fir Software mam Inneministère sollen hischaffen, aplaz iwwert ee Gemengesyndikat, wéi de SIGI.

Open Data

D'Gemeng muss Donnéeën, déi mat Steiergelder bezuelt goufen, der Allgemengheet erëm zur Verfügung stellen. Virun allem geet et net duer, fir d'Dokumenter just anzescannen an als PDF op d'Website ze setzen (Beispill

Gemengebudget), mee d’Donnéeë musse maschinneliesbar sinn, well nëmmen esou kann een onkomplizéiert Analyse maachen. D’Donnéeë sollen an oppener Form op data.public.lu bereet gestallt ginn.

•Ëmwelt, Klima an Natur schützen

D'Zäite sinn eriwwer, an deene Politik op Käschte vum Klima, der Natur an der Déierewelt gemaach ginn ass. Eis Gesellschaft dierf net weider op d'Käschte vun der Flora an der Fauna liewen, mee eng nei Politik muss de Kader setzen, fir dass mer eng Wirtschaft schafen, déi an Harmonie mat de Ressource vun eisem Planéit lieft. D'Gemenge musse Verantwortung iwwerhuelen.

D'PIRATEN setzen sech dofir an, dass d'Gemengepolitik d'Klima- an d'Biodiversitéitskris unerkennt a Verantwortung fir d'Natur an Ëmwelt iwwerhëlt. All Gemeng muss säin ökologesche Foussofdrock identifizéieren an ee Plang mat Moossnamen opstellen, wéi een dësen an Zukunft reduzéiere wëll.

Dreck gehéiert an d'Poubelle, net op de Buedem!

Zigarettestëmp, Zigaren, Knätschgummi oder Kamellepabeier gehéieren net op de Buedem. Een eenzegen Zigarettestomp eleng ka potenziell ee Kubikmeter Waasser verseuchen.

D'PIRATEN wäerten sech dofir asetzen

- datt an der Gemeng separat Opfaangbehälter fir Zigarettestëmp opgeriicht ginn (Mégo-Bacs), fir datt dës net an der Natur oder am Kullang landen.
- datt an der Gemeng flächendeckend Poubellë do sinn, déi reegelméisseg eidel gemaach ginn.
- datt op ëffentleche Plaze méi Poubellë sinn, fir den Tri ze maachen (op mannst Plastik soll kënne getrennt ewechgeheit ginn).
- datt Persounen, déi Dreck op de Buedem geheien, besser kontrolléiert a bestrooft ginn.

Méi Hauscollecte amplaz vu Containeren

Heefeg ass de Respekt fir d'Ëmwelt ronderëm d'Containere fir Glas a Pabeier am Geréngsten. Dofir setze mir eis dofir an datt a méi Quartieren d'Collecte direkt doheem gemaach gëtt, amplaz datt een bei de Container fuere muss. Dëst gekoppelt mat intelligente Poubellen déi eng Collecte nëmmen ausléisen wann se och néideg ass. Dëst kéint souwuel zur Ästhetik vun de Quartieren bäidroen, wéi och d'Liewen fir vill Stéit méi einfach maachen.

Ënnerierdesch Containeren ausbauen.

Do wou Hauscollecte net duer geet, respektiv wou dës net kuerzfristeg kann

ëmgesat ginn fuerderen d‘PIRATEN fir ënnerierdesch Containeren amplaz vun den aktuelle Containeren anzeféieren. Dëst géif och en Deel vun de Problemer léisen a wier eng kuerz- a mëttelfristeg Léisung bis eng flächendeckend Collecte duerch „smart“ Poubelle ëmgesat ginn, nom Prinzip vum „Pollueur-Payeur“.

Méi ëffentlech Sanitäranlagen an de Quartieren

An deene meeschte Quartiere vun der Stad fënnt e keng Toilette méi, an och keng ëffentlech zougänglech Sanitäranlage mat engem Waasserkrunn. Mir begréissen dat et vill sougenannte Muppentoiletten ginn, a mengen awer, datt de selwechte Komfort och vir eis Matmënschen wichteg ass, zemools bei Spillplazen a Vëlospisten.

Bëscher schützen

An eiser Gemeng hu mir d’Chance, datt flott Bëscher do sinn, déi d‘Mënschen als Erhuelungsgebitt kënnen notzen, wat d’Liewensqualitéit an der Gemeng erhéicht. Gläichzäiteg ass de Bësch wichteg fir den Erhalt vun enger intakter Ëmwelt a brauch Rou. D’PIRATEN setzen sech dofir an, datt d’Bëscher geschützt ginn. Virun allem Natura 2000-Zone solle bäibehale ginn an net méi kënnen ëmklasséiert ginn. Tëschent Naturzonen a bebauten Zone soll ëmmer eng Pufferzon sinn, fir der Flora & Fauna op der Bëschgrenz hir Plaz ze loossen.

Manner Bëtong, méi Natur

D’Massiv Zoubetonéiere vun ëffentleche Plaze muss ophalen. De Verzicht op Bëtong schützt besser virun héijen Temperaturen am Summer a virun Iwwerschwemmungen. Grouss iwwerierdesch Parkinge solle mat Alternativen, wéi Rasengitter, Mulch oder Grouine bedeckt ginn, och wann dat e bësse mi Aarbecht mat sech bréngt fir den Entretien. Och d’Schoulhäff sollen erëm eng Plaz ginn, wou d’Kanner d’Natur kenneléieren a wou flott pedagogesch Projete kéinte realiséiert ginn.

Richteg Natur aplaz Zierplanzen

D’PIRATEN wëlle richteg Natur aplaz d’Opstelle vun artifiziellen Zierplanzen, isoléierte Stroossebeem a Blimmercher. D’Gäertnereie vun der Gemeng sollen dofir méi op Wildwuchs souwéi heemesch Planze setzen. Wildwuchs brauch manner Ënnerhalt, fërdert d’Biodiversitéit a kascht de Steierzueler am Endeffekt manner Geld.

Energieneutral Gemengen

D’PIRATEN wëlle laangfristeg eis Gemeng energieneutral maachen. Dat heescht, dass eng Gemeng grad souvill Energie konsuméiert, wéi se och produzéiert. De Wee dohinner geet iwwert den Ausbau vun erneierbaren Energien. Erneierbar Energien sinn nämlech lokal Energien, déi der Gemeng a senge Bierger:innen zegutt kommen. Wou et méiglech ass, musse Gemengegebaier a Parkingen mat Photovoltaikanlagen a Wärmepompelen equipéiert ginn. D’Isolatioun vun de Gemengenhaiser an Halen sollen nom neiste Standard vun der Technik isoléiert ginn.

Solaranlagen massiv ausbauen

D’Bautereglementer an der Gemeng soll virgesinn, dass op all neit Haus eng Solaranlag op den Daach muss kommen. Bei bestoende Gebaier, déi sech eegnen, soll d'Gemeng d'Proprietären aktiv uschreiwen, fir um Programm deelzehuelen. D'administrativ Demarchë solle vun der Gemeng souwäit wéi méiglech iwwerholl ginn.

D'Gemeng kann och d’Virfinanzéierung vun der Solaranlag iwwerhuelen, andeems d’Gemeng den Daach vum Gebai fir ee symboleschen Euro lount an de Prêt iwwert de Verkaf vum Stroum ofbezilt. Nodeems de Prêt ofbezuelt ass, geet d’Anlag an d’Hand vum Proprietär.

Neie Quartier = Netto-Null-Energie

Bei neie Quartieren sollt een och alles ënnerhuelen fir dës als Netto-Null-Energie Quartieren ze plangen. Dëst bedeit datt een déi lokal an dezentral Energieversuergung mindestens als genau esou wichteg consideréiert wéi eng gutt Isoléierung.

De Verbrauch vun ëffentleche Gebaier progressiv reduzéieren

Mir fuerderen datt fir all Gebai an ëffentlecher Hand eng sougenannte „comptabilité énergétique“ opgestallt gëtt an doduerch kloer ersiichtlech gëtt, wéivill Energie e Gebai pro Period verbraucht. Dëse Verbrauch soll dann iwwert déi nächst Joren duerch Sanéierung, Renovéierung an Neibau progressiv reduzéiert ginn.

Ouni Luedstatiounen keng E-Autoen

Nëmme mat engem gudde Reseau vu Luedstatioune maache mer d’Elektromobilitéit méi attraktiv fir d’Leit. D’Gemeng muss zesumme mam Staat dofir suergen, dass d’Stroumleitungen op deene Plazen opgerëscht ginn, fir flächendeckend an der Gemeng Luedstatiounen opzestellen. Do, wou

d’Leeschtung vum Netz net duergeet, soll iwwert separat Stroumproduktioun (zum Beispill Solaranlagen op de Parkingen) Luedstatiounen erméiglecht ginn.

Nei Weeër bei der Energieproduktioun goen

D’PIRATEN sinn oppe fir nei Technologië bei der Energieproduktioun, soulaang d’Energiequellen nohalteg sinn an illimitéiert kënne genotzt ginn, wat de Fall ass beim Wand, der Sonn oder dem Waasser. Laangfristeg profitéiere mer all dovunner, well dës Energien ouni Grenze kënne genotzt ginn ouni iergendwellech Offallprodukter ze hannerloossen.

D’PIRATEN si bereet, fir nei Weeër ze goen. All méiglech Energiequell sollt genotzt ginn, fir d’Energieproduktioun esou effizient wéi méiglech ze maachen. Nieft klassesche Wandrieder kann een och Energie aus Wand hierstellen, andeems d’Gemeng op vill befuerene Stroossen méi kleng Wandhelixen oder vertikal Wandenergieanlagen opstellen (Satonius-Rotoren). Dës vertikal Wandanlage kënnen ouni Rotorblieder Stroum hierstellen an eegnen sech super fir an de Stied Energie hierzestellen oder um Land, wou se keng Gefor fir d’Villercher duerstellen.

Fir d’Energie aus dem Waasser ze notzen, kann een och op d’Kanäl vun de Kläranlagen zeréckgräifen, wann den Debit hei grouss genuch ass. Beim Ausbau vun der Kläranlag sollt een eng Energieautonomie sou wäit wéi méiglech erreechen an zousätzlech duerch Verbrennung vu Klärschlamm Energie produzéieren an den Transport an d'Ausland reduzéieren.

Och d’Geothermie, also d’Gewënnung vu Wäermt aus méi déiwe Buedemschichten, soll do, wou et geet, genotzt a gefërdert ginn.

Waasser intelligent notzen

Waasser ass eng iwwerliewenswichteg Ressource an dofir musse mer spuersam mam Waasser ëmgoen. An eisen Ae sollt beim Waasserpräis méi d'Notzen verrechent ginn (part variable) wéi op der Partie fixe. Dat aus deem ganz einfache Grond, dass een, dee méi Waasser verbraucht, och méi soll bezuelen. An ëffentleche Gebaier vun der Gemeng soll d’Reewaasser opgefaangen a genotzt ginn. Och kënnen op ëffentleche Plazen Reewaasserbehälter opgestallt ginn, déi am Summer bei Dréchente genotzt kënne ginn, fir d’Planzen an der Gemeng ze netzen.

Iwwerschwemmungen an de Grëff kréien

Déi rezent Iwwerschwemmungen an der Stad weisen dat eng Renaturéierung a weider Mossnamen wéi Waasserréckhaltungen, etc. ëmmer méi wichteg ginn.

Mir PIRATEN setzen eis dofir an dat dës Mossnamen iwwert de ganzen Territoire vun Stad ëmgesat ginn.

Flott Spillplazen am Respekt mat der Natur

Eis Kanner brauche Plazen, wou se kloteren a spille kënnen. Spillplaze kënnen a Kombinatioun mat der Natur opgebaut ginn a sollten ee Choix u Spiller hunn fir kleng Kanner, Puppelcher an och Kanner mat Handicap. Waasserspiller sollten haaptsächlech mat opgesammeltem Reewaasser fonctionéieren an net mat Drénkwaasser. Net wäit vun all Spillplaz oder ëffentlecher Sportplaz sollt ee Waasserspender sinn, bei deem d'Kanner an hir Begleeder sech hydratéiere kënnen.

Méi Fitnessplazen an all Quartier

Mir PIRATEN sti fir méi a gréisser Fitnessplazen an all Quartier déi direkt bei enger Spillplaz leien, sou datt d'Elteren de Sport mat der Spillplaz verbannen kënnen.

Infrastrukturen an ëffentlecher Hand

Grondleeënd Infrastrukturen a Servicer, wéi zum Beispill

- d'Réier fir Drénkwaasser,
- Ofwaasser a Reewaasser,
- Leitunge fir d'Elektresch, Telekommunikatioun a Fernwärme,
- Stroossennetz,
- an d'Gestioun vum Offall a Recycling

wäerte mat de PIRATEN net privatiséiert ginn, mee an der Hand vum Staat, de Gemengen oder de Gemengesyndikater bleiwen. Domadder gëtt garantéiert, dass d'Infrastrukture laangfristeg dem ëffentlechen Interessi déngen.

•D’Liewensqualitéit an eise Gemengen stäerken

D’PIRATEN wëllen d’Duerfliewe a Zesummegehéieregkeetsgefill an eisen Uertschaften a Quartieren stäerken. Dofir muss séchergestallt ginn, dass sou vill Mënschen wéi méiglech um Liewen an der Gemeng kënnen deelhuelen. D’Gemeng muss dofir déi néideg Servicer an Infrastrukturen bereet stellen.

Wat d’Gemeng bezilt, muss jidderengem zegutt kommen

Ëffentlech Sportplazen a Gebaier, déi mat Steiersue finanzéiert ginn, mussen och der Ëffentlechkeet zur Verfügung stoen an net nëmmen e puer auserwielte Veräiner. D’Gemeng, déi engem Futtballveräin d’Tribüne oder d'Buvette matfinanzéiert, muss garantéieren, dass dës Infrastruktur och vun anere Veräiner oder Bierger ka reservéiert ginn. D’Gemeng soll esou vill méi Infrastrukture bereetstellen, fir dass d‘Leit sech versammele kënnen.

Lokal Veräiner ënnerstëtzen

Lokal Veräiner sinn d’Séil vun enger Gemeng. Hei kommen déi verschiddenst Leit zesummen, fir zesummen eng flott Zäit mateneen ze verbréngen oder fir hire Matmënschen ze hëllefen. D’Gemeng muss seng Veräiner ënnerstëtzen, och finanziell. D’Subsiden un d’Veräiner sollen no faire Krittäre verdeelt ginn.

D‘Stad Lëtzebuerg soll hire lokale Veräiner méi Ënnerstëtzung a Form vun engem Service de Support zur Verfügung stellen. Dëse Service kéint verschidde administrativ Hëllefsstellunge ronderëm d‘Gestioun offréieren.

Lokal ‘maison des associations’ schafen

Fir lokal Veräiner ze ënnerstëtzen sollt een hinnen net nëmmen eng Lagerplaz an engem Centre Culturel oder enger Sportshal offréieren, mee Plazen wou si och kéinte Büroen ënnerhalen an zum Beispill zu e puer vun engem CAE Employé profitéieren, fir esou d‘Veräiner fit fir d‘Zukunft ze maachen a Benevoller vu Verwaltungstâchen ze entlaaschten.

En ëffentleche Subsideregister

D‘Stad Lëtzebuerg verdeelt reegelméisseg Subsiden u Persounen, Veräiner, Associatiounen a Firmen. Aktuell ginn dës zwar alleguerten am analytesche Rapport veröffentlecht, mee et gëtt keng Datebank wou se all zentral ze fannen sinn. Fir datt jiddereen sech e Bild dovu ka maachen wéi eng Associatiounen mat senge Steiergelder ënnerstëtzt ginn, fuerdere mir e Subsideregister deen dës regroupéiert.

Historesch Gebaier mat Liewe fëllen

Historesch Gebaier gehéieren zum Stadbild vun der Gemeng an erziele vill iwwert d'Geschicht vun enger Uertschaft. Gebaier, déi net méi genotzt ginn, sollten net eidel stoen, mee erëm mat Liewe gefëllt ginn, andeems een se renovéiert, fir dass hei Gemengeservicer, Veräiner oder Geschäfter kënne Plaz fannen.

Besser Integratioun vun neie Matbierger

Nei Matbierger sollen aktiv an d'Gemengeliewe mat agebonne ginn. Eng Iddi ass et, fir ee Mol am Joer ee Wëllkommensdag fir all déi nei Bierger ze maachen. Och sollen d'Leit bei der Aschreiwung an der Gemeng direkt informéiert ginn, dass si sech fir d'Gemengewale kënnen aschreiwen.

Sproochecoursë fir jiddereen

Ech ka mech besser an enger Gemeng abréngen, wann ech d'Sprooch beherrschen. Wat méi Bierger d'Sprooch schwätzen, wat méi Leit sech austausche kënnen an och besser zesumme liewen. D' Gemeng muss dofir nach méi Lëtzebuergesch-Coursen ubidden, fir eisen net-lëtzebuergesche Matbierger d'Méiglechkeet ze ginn sech an eise Gemenge besser kënnen anzebréngen.

E Biergerbeobtragte fir all Quartier

De Biergerbeobtragte soll d'Vertrauenspersoun vun den Awunner an sengem Quartier sinn. Hie soll aktiv déi nei Bewunner begréissen an hinnen d'Infrastrukturen an d'Zesummeliewen an der Gemeng (wien, wat, wou, wéini) erklären. Als joviale Mënsch, deen all Bierger am Quartier kennt, soll hien och als Mediateur bei klenge Meenungsverschiddenheeten déngen an esou d'Zesummeliewen am Quartier méi angeneem a liewenswäert gestalten.

Integrationsdelegéierten

D'Gemeng sollt an engem Service oder am Gemengerot mindestens eng Persoun ernennen, déi als Integrationsdelegéierten schafft. Déi Persoun soll d'Sensibiliséierung a Formatioune vun de Gemengebeamten a Punkto Zesummeliewen iwwerhuelen.

Handicap-Delegéierten

D' Gemeng sollt an engem Service oder am Gemengerot mindestens eng Persoun ernennen, déi als Delegéierten fir Persounen mat engem Handicap schafft. Déi Persoun soll d'Sensibiliséierung a Formatioune vun de

Gemengebeamten a Punkto Zesummeliewen iwwerhuelen.

Accessibel Servicer fir den drëtten Alter a Leit mat Handicap

D'Digitaliséierung ass net fir all Mënschen ee Kannerspill. D'PIRATEN setzen op d'digital Inclusioun a wëllen all d'Leit mat an d'Boot huelen, fir datt och si vun de Virdeeler vum Internet kënne profitéieren. Dat geschitt awer net vun haut op muer an dofir muss un déi Leit geduecht ginn, déi net vum Internet profitéiere kënnen. Ëmmer méi Post- a Bankguichete maachen zou a verschidde Leit ginn esou am Ree stoen gelooss.

D'Gemeng soll hei agräifen, andeems ee mam Privatsecteur zesumme kuckt, fir Servicer opzebauen, wou d'Leit physesch hi kënne goen. Eng Iddi ass d'Organisatioun vun engem mobille Guichet, deen all Dag eng aner Uertschaft ufiert an op enger zentraler Plaz steet a wou d'Leit dann eng physesch Uspriechpersoun virfannen.

Boergeld bäibehalen

D'PIRATEN bleiwe fir d'Bäibehale vum Boergeld als anonym Bezuelmethod. D'Gemengeservicer mussen d'Méiglechkeet bäibehalen, datt ee Rechnungen an Taxen och mat Boergeld am Guichet vun der Gemeng ka bezuelen.

Internet fir jiddereen an iwwerall (Free-WIFI)

D'PIRATEN setzen sech dofir an, dass op ëffentleche Plazen a Gebaier ee gratis Wi-Fi fir d'Awunner:innen verfügbar ass.

Gutt wunnen a gutt liewen

D'Pirate fuerdere bei all neiem Quartier, dass op e Mix tëscht Wunnen, Schaffen a Liewen opgepasst gëtt. Nei Wunngebaier a Residencë solle multifunktionell sinn an direkt mat Crèchen, Dokteschcabineten, Geschäfter oder Büroen equipéiert sinn.

Fir souwuel de Verkéier ze reduzéieren, wéi och d'Liewensqualitéit an de Quartieren ze verbesseren an Aarbechtsplazen ze schafen fuerdere mir datt iwwert d'Outile' vu PAG a PAP an all Quartier och lokal Aarbechtsplazen ugesidelt ginn. Do wou d'Gemeng eege Gebaier baut oder huet ass ze evaluéieren wéi wäit een de Rez-de-Chaussée fir esou Projeten kéint zur Verfügung stellen.

All neie Quartier soll ee klengen, naturnoe Park kréien, wou d'Kanner sech austoben an déi Erwuessen een Treffpunkt hunn.

Wunnquartieren géint Duerchgangsverkéier sécheren

Am Ausland ass et well üblech, datt all Wunnquartier baulech géint Duerchgangsverkéier geschützt ass. Meeschtens sinn dëst automatesch Bornen déi een nëmmen als Awunner oder fräigeschalte Fournisseur oder Visiteur opkritt. Dës Mesure géif zu enger staarker Verkéiersberouegung an de Quartieren féieren a gläichzäiteg Parkingssituatioun och verbesseren. Ausserdeem kéinte Kanner a Jugendlecher nach méi sécher d'Strooss erëm fir Fräizäitaktivitéiten notzen.

Besser Zesummenaarbecht mat de Randgemengen

PIRATEN proposéieren datt d'Stad Lëtzebuerg mat de Gemengen ronderëm e Gremium grënnt deen als Zil huet fir Verkéiers- a Bautepolitik besser openeen ofzestëmmen an esou virun allem déi douce Mobilitéit férdere kann.
Wann d'Gemeng zum Beispill keng Plaz huet fir eng nei Sportshal, kéint se mat hirer Nopeschgemeng kucken, ob déi Sportshal net kéint niewendru gebaut a mat finanzéiert ginn. Dës Projete kënnen iwwert gemeinsam Fonge realiséiert ginn.

•Wunnen zu Lëtzebuerg méiglech maachen

D'Wunnengskris kann net eleng vum Staat geléist ginn, mee och d'Gemenge mussen alles dofir maachen, fir hiren Awunner ze hëllefen, weider an hirer Heemecht kënnen ze liewen. D'Gemengen mussen sech an Zukunft nach méi asetzen, fir hire Bierger:innen een Daach iwwert dem Kapp kënnen unzebidden.

D'Gemeng muss méi Wunnraum schafen (10€/m2)

D'Gemeng muss selwer vill méi aktiv um Wunnmarché ginn, andeems se hier Baulandreserve mobiliséiert, viabiliséiert an och bebaut. D'Gemeng, déi ee finanzielle Spillraum huet, soll Bauterrainen zesumme mam Logementsministère selwer opkafen, fir Wunnengen drop ze bauen oder bauen ze loossen.

Dobäi kéinten 20% vun de stättesche Finanzreserven pro Joer fir Wunnengsbau investéiert ginn

Baulandreserven vun der Gemeng fir lokative Sozialwunnengsbau notzen

Do wou eis Stad nach eege Baulandreserven huet, sollte mir dem lokative Sozialwunnengsbau de Virrang ginn. Esou kënnen dës Reserve valoriséiert ginn an eis Stad géif mat guddem Beispill virgoen. Doniewent sollen d'Fuerderungen no méi Steiere fir Baulücken ginn, wann d'Stad selwer hir Baulücken bebaut huet.
D'Gemeng soll de Préférence och keng Haiser, mee Residenze bauen, a soumadder hir Terrainen effizient notzen.

D'Wunnenge bleiwen an ëffentlecher Hand

All Wunneng, déi der Gemeng gehéiert, dierf net méi aus dem Besëtz raus! All Gemengenterrain muss genotzt ginn, fir sozialen oder erschwéngleche Wunnraum ze schafen. Entweder d'Gemeng verlount d'Wunneng selwer mat der Optioun vum Mietkauf oder d'Wunneng gëtt iwwert eng Organisatioun (Gestion locative sociale) verlount. Falls Wunnengen verkaf ginn, muss d'Gemeng sech, ouni Ausnamen, ee Virkafsrecht op déi Wunnengen sécheren.

Ëffentlech Wunnengen no klore Krittäre verlounen a verkafen

Mir hunn ee Mangel u Wunnengen an et ass kloer, dass op kuerz Zäit net genuch Wunnenge kënne gebaut ginn, fir déi aktuell Nofro ze bedéngen. Wunnenge sinn ee seelent Gutt an dofir musse bei der Vergab vun ëffentleche Wunnenge Prioritéiten opgestallt ginn. Dofir soll een transparente Punktesystem opgestallt ginn, bei deem Residenten, Ex-Residenten souwéi aktiv schaffend Leit bei Gemengen-Projeten d'Prioritéit kréien.

Mietkauf erméiglechen

D’PIRATEN wëllen, dass souvill Leit wéi méiglech eng eege Wunneng kënne kafen, fir sech iwwert d’Zäit ee Kapital kënnen unzespueren. D’Gemeng kann heifir d’Optioun vum Mietkauf ubidden.

Beim Ënnerschreiwe vum Mietkontrakt tëschent der Gemeng an dem Locataire gëtt de Wäert vun der Immobilie am Kontrakt festgehalen.

All Mount, deen de Locataire esou als Loyer bezilt, kritt e gutt geschriwwen.

Wann de Locataire d’Wunneng kafe wëll, bezilt en de Wäert vun der Wunneng minus dat, wat e schonn als Loyer ubezuelt huet.

D’Gemeng behält natierlech och hei d’Virkafsrecht op der Wunneng.

Sozial Wunnengen

Wunnen ass ee Grondbedierfnis, mat deem ee Liewen steet oder fält. Eng Wunneng ass eng Méiglechkeet fir d’Leit, sech ee stabilt Ëmfeld opzebauen. Hëllef gëtt genuch gebraucht: Obdaachloser, Mënschen déi der Gewalt entkomme wëllen, Leit op der Flucht oder och Leit déi hire Strofvollzuch ofgesat hunn brauchen all eng Chance op een Neistart an hirem Liewen. D’Gemeng muss dofir bei all gréisserem Wunnprojet mindestens eng Wunnunitéit fir Sozialwunnenge virgesinn, fir dëse Mënschen ze hëllefen.

Wunnengen & Infrastrukturen zesumme plangen

D’Gemeng soll fir hiren Territoire een 10-Joresplang fir de Wunnengsbau an der Gemeng ausschaffen, bei deem nieft de Wunnengen och gekuckt gëtt, wéi eng Infrastrukture fir d’Leit gebraucht ginn. Wann an engem neie Quartier 100 Persoune wunne sollen, da muss och Plaz reservéiert ginn, fir Praxisse fir Dokteren, Crèchen, Butteker oder Büroen. A Propos Büroen: d‘Gemeng soll déi Bürosflächen ausfënneg maachen, an déi ee potenziell erëm kéint Wunnenge setzen.

Virkafsrecht konsequent notzen

Déi aktuell Gesetzgebung gesäit vir, dass d’Gemeng sech ee Virkafsrecht ka sécheren, soubal een Terrain oder eng Immobilie verkaf gëtt an am Interessi vun der Ëffentlechkeet ass. D’PIRATEN wäerten d’Optioun vum Virkafsrecht notzen, wann domadder grouss Projete fir méi ëffentleche Wunnraum oder wichteg Infrastrukturen (Policebüro, Dokteschcabineten, Crèchen, Schoulen, etc.) kënne gemaach ginn.

Nei Wunnformen erméiglechen

D'Bautereglementer an der Gemeng mussen un den aktuelle Stand vun der Technologie ugepasst ginn an nei Bauformen erlaben. Nei Formen vun energeetescher Renovatiounen (zum Beispill duerch d'Vergréisserung vun der Aussenhüll vun engem Gebai) mussen erlaabt ginn. D'PIRATEN sinn oppe fir all nei Wunnformen, Technologien a Locatiounsmodeller, wann se technesch realiséierbar sinn an op der Plaz Sënn maachen. Beispiller : Tiny Houses, Tiny Appartementer, Modulär Bauen, etc. Do wou et Sënn mécht a virun allem bei neie Quartiere sollt och méi an d'Héicht gebaut ginn.

Prekäert Wunnen net toleréieren

Och wann all Léisung zielt, esou dierfe mer net zouloossen, dass d'Mënschen a prisongsänleche Konditiounen liewen.D'Gemeng muss fir ee Minimum u Liewensqualitéit bei de Wunnenge suergen. Dëst beinhalt d'Plaz pro Persoun, natierlecht Liicht an een Accès op funktionéierend Infrastrukturen a Servicer.

Keng Luxusvillaen, mee méi moderat Haiser fir jiddereen

All Bauterrain muss effikass genotzt ginn, fir méi Wunnunitéit kënnen ze bauen, fir dass méi Mënschen eppes vum Bauland hunn. Dofir mussen d'Densitéiten am Flächebenotzungsplang (PAG) iwwerschafft ginn, soudass op verschiddene Plaze méi dicht gebaut gëtt. D' Gemeng sollt eng Mindestzuel u Wunnenge pro Terrain virgesinn a prinzipiell solle keng Terraine fir grousseg Villae méi genotzt ginn.

Perimetererweiderunge verhënneren

Et ginn am Land genuch Bauflächen, déi als éischt solle mobiliséiert ginn, éier mer an d'Naturreserve buddele ginn. Perimetererweiderunge kënne mer nëmmen dann zoustëmmen, wa keng aner Terraine méi an der Gemeng disponibel sinn. Bei Perimetererweiderunge mussen d'Terrainen zum Groussdeel fir erschwéngleche Wunnraum genotzt ginn. De Rescht vun den Terraine soll fir Noversuergung a Servicer genotzt ginn.

Eng stättesch Wunnengsbaugesellschaft grënnen

D'Stad Lëtzebuerg soll méi Verantwortung fir Wunnengsbau an der Stad iwwerhuelen an dëst iwwert eng stättesch Gesellschaft déi sech ëm de Bau, Entretien an d'Verlounen vun stättesche Wunnenge këmmert. Dës Wunnenge sollen ëmmer e Mix aus dräi Präiskategorien duerstellen fir eng Gettoiséierung ze verhënneren. Als Beispill wéi esou Wunnengsbaugesellschaften fonctionéiere kucke mir ënnert anerem op Wien wou dëse Modell zanter Joerzéngten e Succès Ass.

Fir ze verhënneren dat d'Stad ka Profit man, sollt dëst eng Gesellschaftsform sinn, déi kee Profit zouléisst.

En ëffentleche Baulückekataster

Fir et Bauhäre méi einfach ze maachen fir Terrainen ze fannen déi nach kënne bebaut ginn, proposéier mir en ëffentleche Baulückekataster deen an 3 Faarwen uweist a wéi engem Stadium sech eng Parzelle befënnt. Gréng fir Terraine déi am PAG sinn a wou keng Demande fir eng Autorisatioun virläit, Orange fir Terraine déi bebaubar sinn, wou awer well e Projet agereecht gouf a rout fir Terrainen, wou entweder schonns gebaut gëtt oder déi net am PAG leien. Iwwert dëse Kadaster sollen potenziell Bauhären och direkt d'Besëtzverhältnisser kënnen ufroen, genee esou wéi beim nationale Kadaster.

Méi Hëllefen fir Obdaachloser

Mir wëllen de Mënschen an Nout op der Strooss besser hëllefen. Dozou gehéiert eng besser Ofstëmmung a Koordinatioun tëscht den eenzele Servicer, sou datt een net muss am Wanter op der Strooss sëtzen. E Service deen Obdaachloser wärend 3 Méint ouni Opwand eng temporär Adresse erméiglecht, bis datt d'Ministèren hir Prozeduren ofgeschloss hunn an hinnen esou Krankekeess, Chômage a weider Hëllefen net verspäert bleiwen.

Eng ëffentlech Lëscht vun alle Wunnengen ouni ugemellte Wunnsëtz

Aktuell ass et onméiglech fir ze soen a wéi enger Wunneng entgéint PAG oder PAP Büroen entstane sinn an et ass och fir een deen net am Service schafft onméiglech Mëssverhalen ze denoncéieren. Dofir fuerdere mir, datt all Wunneng déi laut PAG oder PAP net dierft als Büro genotzt ginn a wou keen Wunnsëtz ugemellt ass verëffentlecht gëtt fir esou souwuel Wunnengen ze gesinn déi eventuell kéinte gelount ginn, a gläichzäiteg ze kontrolléieren wéi eng Wunnengen en aneren Zweck wéi geplangt hunn.

Eis Gemeng opliewe loossen

D'PIRATEN wëllen d'Zesummegehéiregkeetsgefill an eisen Quartieren stäerken. D'Gemeng kann dozou bäidroen, andeems si de Leit an hirer Gemeng Infrastrukturen fir Versammlungen bereet stellt an andeems d'Gemeng och selwer reegelméisseg Eventer iwwert d'Joer organiséiert.

•Eng gesond lokal Ekonomie opbauen

D’Gemeng ass ee responsabele Konsument

D’Gemeng muss selwer mam gudde Beispill virgoe beim Akaf vu Liewensmëttel, Gedrénks a Material fir hier Servicer a Strukturen (zum Beispill an de Maisons Relaisen). D’Gemeng soll do, wou Steiergelder benotzt ginn a wou et méiglech ass, Produkter kafen, déi biologesch, regional, saisonal a fair hiergestallt ginn. D’Gemeng ka beim Akaf op Labelen, wéi Fairtrade oder d’EU-BIO-Sigel, zeréckgräifen.

Noversuergung fir jidderee garantéieren

D’Gemeng, déi d’finanziell Méiglechkeeten huet, soll an den Quartieren, wou Noversuergung iwwert de private Maart net present ass, selwer aktiv ginn an nohalteg Geschäfter (Secondhand-Shops, Sozial Epicerien, Cent Butteker etc.) opbauen oder bedreiwen. D’Gemeng muss mol dofir net selwer Immobilière spillen a Fläche verlounen, mee si ka käschtegënschteg mobil Butteker a kleng Verkafsstänn erlaben oder selwer opstellen, wou och de lokale Bauerenhaff oder Gäertner hir Produkter kënnen ubidden.

Den Exodus vu klenge Geschäfter ophalen

Iwwert déi läscht Méint hunn ëmmer méi kleng, lokal, Geschäfter de Schlëssel ënnert den Teppech misste leeën. Fir dëst an Zukunft ze verhënnere, fuerdere mir, datt d‘Stad Lëtzebuerg bei fräihännege Marchéen (ënnert 60. 000 EUR) als éischt op lokal Fournisseuren zeréckgräift, fir esou de lokalen Handel ze ënnerstëtzen. Des Weidere proposéiere mir eng Loyersbrems fir Geschäfter beim Verhandele vun engem neie Bail ze protegéieren. Dës Brems soll pro Zon un engem „Mietspiegel” ugepasst sinn an ni méi wéi 5% pro Hausse erlaben. An dësem Kader ass eng Interventioun op nationalem Plang néideg fir de passende legale Kader ze schafen.

Industriezone fir regionaalt Handwierk a Produkter

Industrie an Handwierk si wichteg fir d’wirtschaftlech Entwécklung vum Land, mee alles mat Limitten. D’Gemeng sollt keng Aktivitéiten unzéien, déi net sënnvoll op engem Standuert sinn, well se zevill Knascht, Trafic oder Kaméidi produzéieren. D’Gemeng soll léiwer op d’Approche setzen, fir regional mat anere Gemengen an Aktivitéitszonen zesummenzeschaffen an sech d’Recetten ze deelen.

Lokaler fir Social Entrepreneurship virgesinn

Fir eng aner Ekonomie ze erméiglechen soll d‘Stad net nëmmen

„normale“ Startups Raimlechkeeten zur Verfügung stellen, mee ebe grad sozial Entrepreneuren bei hire Projeten ënnerstëtzen. Dëst kann am Kader vu bestoende Projete geschéien, wichteg ass just, datt eng Mindestquot fir sozial Entrepreneuren reservéiert gëtt.

Co-Working Spaces bei stättesche Projeten

Do wou d‘Stad Lëtzebuerg selwer als Bauhär optrëtt, respektiv déi nei stättesch Wunnengsbaugesellschaft, sollt een fir all 10 Wunnengen eng Aarbechtsstatioun an engem Co-Working Space virgesinn. Esou verhënnert een, datt Wunnengen zu Büroen ëmgewandelt ginn a gläichzäiteg erméiglecht een och fräie Beruffer awer och z. B. Schoulmeeschteren an engem Bureausëmfeld ze schaffen wann et néideg ass.

E One-Stop-Shop fir Entrepreneure schafen

D‘Gemeng soll zesumme mat Chambre de Commerce, Chambre des Métiers, dem Staat a para-staatleche Projeten zesummen e Guichet schafen deen all Servicer fir en neien Entrepreneur an der Stad zesumme bréngt. Dëst fir et méi Leit ze erlaben ouni Problemer hir Iddien an der Stad ëmzesetzen.

Eng Landwirtschaft viru menger Dier

D’PIRATEN wëllen, dass d’Landwirtschaft erëm méi no bei d’Leit kënnt. Virun allem beim Ubau vun Uebst, Geméis a Leguminose ginn et vill Méiglechkeeten, wéi zum Beispill d‘Förderung vu Gemeinschaftsgäert a Bongerten an der Gemeng. D’Gemeng kann och Friichtebeem (Äppel, Bieren) an de Parke planzen.

Responsabel Finanzen

D‘PIRATEN setzen op eng verantwortungsvoll Budgetspolitik an d’Gemengeresponsabel musse mat deene Sue schaffen, déi do sinn. D’Gemeng soll op Scholde verzichten, ausser et handelt sech ëm Infrastrukturen, déi laangfristeg der Allgemengheet zegutt kommen an nohalteg sinn. Fir Prestige-Monumenter sollte keng Scholden opgeholl ginn.

Nohalteg Investitioune fir de Budget am Equiliber ze halen

Fir de Budget och an Zukunft am Equiliber ze halen fuerdere mir, datt d‘Stad verstäerkt nohalteg Investitiounen mat hire Reserven mécht. Dës Investitioune sollen an nohalteg Energieproduktioun, bezuelbare Wunnraum an Offeren un Aktivitéite fir d‘Zesummeliewen ze förderen getätegt ginn.

D‘wirtschaftlech Aktivitéite vun der Gemeng reduzéieren

Eng Gemeng ass keng Firma a sollt dem Privatmarché keng Konkurrenz maachen, wann et net dem ëffentlechen Interessi déngt. D’Ausgabe vun der Gemeng sollen d‘Problemer vun de Bierger léisen, déi net iwwert de fräie Marché kënne geléist ginn. D’Gemeng soll prioritär do agräifen, wou de fräie Marché versot an d‘Leit am Reen stoe léisst, wéi zum Beispill am Logement oder bei grondleeënden Infrastrukturen a Servicer.

Eng gesond Approche zum Wuesstem

Quantitative Wirtschaftswuesstem bréngt méi Akommes an och méi Steierrecettë fir d’Gemeng, mee op der anerer Säit fuerdert de Wuesstem oft och méi Personal, bréngt méi Trafic op eis Stroossen a verschäerft d’Situatioun um Wunnmarché. D’Gemeng soll dofir eng gesond Approche zum Wirtschaftswuesstem entwéckelen an Infrastrukturprojeten an hirer Gemeng an eng ganzheetlecher a gemengeniwwergräifender Approche ugoen.

•Mobilitéit vun de Leit verbesseren

Autofräi Quartieren a Shared Spaces ausbauen

Fir d'Liewensqualitéit an den existéierende Wunnquartiere weider ze verbesseren, proposéiere mir d'Trottoiren an de Quartiere lues a lues ofzeschafen an aus de Quartiere richteg „Shared Spaces" ze maachen, wou sech all Notzer d'Surface deelen. Dëst géif eis Quartieren optesch opwäerten an och d'Vëlofueren oder mat der Kutsch spadséiere goen vereinfachen, an erlaabt et, datt d'Leit sech erëm méi an de Stroosse kënnen ophalen an d'Kanner erëm, wéi fréier, op der Strooss spille kënnen.

Fir méiglechst vill Autoen aus de Stroossen ze kréien, soll bei all neiem Wunnprojet an engem bestoende Quartier mindestens eng Parkplaz pro Stot innerhalb vum Wunngebai virgesi sinn an dëse Parking muss och un d'Wunnunitéit affektéiert sinn, fir datt d'Awunner en notze kënnen. Nei Quartiere sollten esou opgebaut sinn, dass een och ze Fouss schnell vun A op B kënnt.

All Quartier soll e Plang fir Mobilité douce kréien

Fir et den Awunner méi einfach ze maachen fir sech zu Fouss, mam Vëlo oder mam Rollstull am Quartier an tëschent de Quartieren ze beweegen soll e Plang fir d'Mobilité douce opgestallt ginn. Heibäi sollen eventuell Problemer a feelend Verbindung opgewise ginn.

Den ëffentlechen Transport ausbauen

D'Offer vum ëffentlechen Transport (CFL, RGTR, Tram) variéiert jee nodeems, wou een hei am Land wunnt. D'Gemenge kënnen hiren Deel dozou bäidroen, d'Offer ze verbesseren. Fir Ressourcen ze spueren, sollten d'Gemengen sech zesummendoen an, nom Beispill vum TICE, interkommunal oder interkantonal Buslinnen opstellen, déi d'Offer an de Gemengen zousätzlech zum RGTR ze komplettéieren. Busarrête mussen Handicap-gerecht gebaut sinn an do, wou et méiglech ass, op mannst iwwerdaacht sinn, fir d'Leit net am Reen stoen ze loossen.

Vëlofueren an Trëppele méi angeneem gestalten

Wie sech mam Vëlo an och ze Fouss fortbeweege wëll, soll dofir belount ginn an deementspriechend gutt Infrastrukturen a Mobilitéits-Offere virfannen. D'Gemeng kann zum Beispill an all Quartier ee Pedisbus promouvéieren a subventionéieren, fir de Kanner an Elteren de Schoulwee ze erliichteren. Trottoire solle propper an intakt gehale ginn, och a Niewestroossen. Donieft brauch et richteg Vëlospisten op den Haaptachsen, ofgetrennt vum Autosverkéier. Amplaz datt nëmme Strécher op d'Strooss gemolt ginn, an dës

Deeler als Vëloswee ze klasséieren, fuerdere mir richteg Vëlosweeër, déi de Vëlosfuerer ee Méiwäert ginn. A Residencë sollt och ëmmer e Kutschen- a Vëlosparking mat ageplangt an ëmgesat ginn, fir souwuel jonk Familljen, wéi och Vëlosfuerer, eng Plaz fir hiert Transportmëttel ze ginn.

Vëlo a Bus méi kompatibel maachen

Stättesch Busser sinn heefeg esou voll, datt een säi Vëlo net kann am Bus mathuelen, fir dëse Problem ze ëmgoe proposéiere mir datt Busser eng Halterung hannen oder vir um Bus kréien fir 2-3 Vëloen matzehuelen. Dëst géif méi Leit encouragéieren Vëlo a Bus ze kombinéieren an esou eventuell den Auto doheem stoen ze loossen.

Club Bus Service

Vill Mënschen engagéieren sech a Veräiner an hirer Gemeng. Allerdéngs sinn dës Persounen oft op een Auto oder ee gudden ëffentlechen Transport ugewisen, fir zu enger gewëssener Auerzäit vun A op B ze kommen. Virun allem déi jonk an eeler Matbierger hu kee Führerschäin (méi). Wann d'Elteren awer net do sinn, ass et fir jonk Leit schwéier, op den Training ze fueren. Wa kee vun der Famill oder aus dem Frëndeskrees disponibel ass, kënnen och eeler Matbierger net op d'Treffen. D'Gemeng soll dofir mat de Veräiner um Territoire, mee och zesumme mat Nopeschgemengen, ee Club Bus Service fir d'Veräiner opstellen, op dee Persounen kënnen zeréckgräifen, wa si keng uerdentlech Ubannung un den ëffentlechen Transport hunn oder zu spéiden Auerzäiten musse fueren (änlech wéi den Night Rider). Fir Abus'en ze verhënneren, misst de Veräin seng Memberen just ee Mol am Joer beim Club Bus mellen.

Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren

Ëffentlech Gebaier a Plaze musse behënnertegerecht gebaut sinn. D'Zil muss et sinn, dass all Persoun sech eegestänneg an enger Gemeng ka beweegen. D'Gemeng soll an engem Service, dee sech och ëm den Urbanismus vun der Gemeng këmmert, eng Ulafstell hunn wou Plaintë vun de Bierger kënnen opgeholl ginn.

Camionnettsparkingen schafen

Fir ze verhënneren, datt grad iwwert de Weekend oder iwwert d'Nuecht Camionnette vun Entrepreneuren de Parking residentielle besetzen, proposéiere mir eegen Camionnettsparkingen un de Borde vun der Gemeng ze schafen.

Parkplaze fir Fleegedéngschter schafen

Ëmmer méi Persounen wëllen ëmmer méi laang an den eegene véier Wänn

liewen. Dëst bréngt mat sech, datt ëmmer méi Besoine fir Fleegedéngschter optrieden. Fir dësen Déngschter et méi einfach ze maachen fir hir Service ze offréieren an esou d‘Liewensqualitéit vu Senioren an eiser Stad ze verbesseren, fuerdere mir, datt nieft Behënnerteparkplazen an Zukunft och an all Quartier Parkplaze fir Fleegedéngschter agefouert ginn.

•Sécherheet an eise Gemengen erhéijen

Méi Policepresenz

D'PIRATEN schwätzen sech kloer fir méi Policepresenz an der Gemeng aus. A Problem-Quartiere solle Police-Patrullen an och Gemengebeamte reegelméisseg patrulléieren a fir Uerdnung a Sécherheet suergen.

Keng privat Police

D'PIRATEN si kloer dogéint, datt privat Sécherheetsfirmen zoustänneg sinn, fir d'Sécherheet am ëffentleche Raum. Dat ass ganz kloer eng Aufgab vun der Police an de Gemengebeamten.

Präventioun: méi Street Worker

Et dierf ee Mënschen, déi op der Strooss liewen, net all an een Dëppe geheien. Et muss ee kloer differenzéieren tëschent Mënsche mat kriminellen Absichten a Mënschen, déi et aus eegener Kraaft einfach net vun der Strooss packen. Keen dierf wéinst senger sozialer Situatioun verurteelt ginn a grad dëse Leit muss eis Gesellschaft Perspektiven ubidden! Eng Gesellschaft ass nëmmen esou staark wéi säi schwächste Glidd. D'PIRATEN setzen dofir op den Asaz vun Hëllefsorganisatiounen a Street Worker, déi fir d'Leit op der Strooss do sinn an den éischte Schrëtt sinn, fir hinne vun der Strooss ze hëllefen.

Gemengebeamten stäerken

D'PIRATEN mengen net, dass d'Aféierung vun enger sougenannter „Kommunalpolice" de richtege Wee ass, dee fir méi Sécherheet an eiser Gemeng suergt. D'Gendarmerie gouf viru Joerzéngten ofgeschaf, firwat also erëm ee Waasserkapp u Verwaltunge schafen? Déi besser Alternativ ass et, d'Police an d'Gemengebeamten esou opzestellen, datt sech un d'Gesetzer gehale gëtt. D'PIRATEN setzen sech dofir an, dass d'Gemengebeamten hir Kompetenze voll ausnotzen a Presenz weisen, fir datt sech un d'Gesetzer an d'Reglementer gehale gëtt.

Videoiwwerwaachung ass keen Zaubermëttel

D'PIRATEN si fir eng realistesch Bekämpfung vun der Kriminalitéit. Dat bedeit méi Präventiouns- an Opklärungsaarbecht mat Polizisten um Terrain. Eng flächendeckend Videoiwwerwaachung leene mer of. D'Kameraen an d'Informatik kaschte vill Geld, beschränken d'Privatsphär vun den éierleche Leit an notzen an deene wéinegste Fäll, fir Quartiere méi sécher ze maachen.

Baulech Moossnahmen fir ee bessert Sécherheetsgefill

D’Gemeng kann op Plazen, déi onheemlech sinn, iwwert d’Gestaltung vun der Ëmgéigend fir ee bessert Sécherheetsgefill suergen. Heiansdo hëlleft déi richteg Beliichtung, heiansdo ass et d’Vergréisserung vum Trottoir oder d’Opmaache vun engem klenge Commerce an eidelen Zonen, dee fir eng Verbesserung suergt. Hei soll d’Gemeng zesumme mat de Bierger:innen déi Plazen identifizéieren, déi baulech kënne verbessert ginn.

Méi Sécherheet op eise Stroossen

Do, wou d’Gemeng d’Soen huet, soll se fir eng besser Stroossesécherheet fir d’Foussgänger, d’Vëlosfuerer an d’Automobiliste suergen. Wou et méiglech ass, soll d’Tempolimitt an de Quartieren op 30km/h limitéiert ginn. Zebrasträifen solle gutt siichtbar a beliicht sinn an rout Luuchten opgestallt ginn, wou d’Leit oft iwwert d’Strooss trëppelen. Ronderëm Plazen, wou vill Kanner ënnerwee sinn (Schoulen, Spillplazen, Maisons Relaisen, etc.) soll een Tempo 20 gëllen, wat een duerch baulech Methoden och duerchsetze soll.

Technik notzen fir méi Stroossesécherheet

Och technesch Hëllefsmëttel wéi z.B. Assistenzsystemer an den Autoen, si wichteg, wann et dorëms geet, fir d'Sécherheet am Alldag ze verbesseren. Domat technesch Hëllefsmëttel funktionéieren, muss séchergestallt ginn, datt d'Verkéiersschëlder an d'Spueren, déi de Systemer oft als Orientéierung déngen, kloer gekennzeechent a fir d' Systemer erkennbar sinn. Eng kloer Kennzeechnung erlaabt och e besseren Asaz vun autonom fuerende Busser an Autoen.

- **Déiereschutz an eise Gemengen héich halen**

Opklärung an Informatioun géint Déierequälerei

D’Gemeng kann duerch seng Informatiounspolitik aktiv géint d’Déierequälerei virgoen. Fir en Ëmdenken am Déiereschutz ze bewierken, kann och eng Gemeng Opklärungscampagnen organiséieren, zum Beispill beim Thema Ernierung. D’Gemeng soll eng equilibréiert a gesond Ernierung förderen a kann zum Beispill op Eventer duerch geziilt Aktioune saisonal, regional, vegetaresch oder vegan Alternative promouvéieren. D’Gemeng kann och, zesumme mat de lokale Baueren, de Leit de Wäert vun enger gudder Véizuucht méi no bréngen.

Fir eng modern & ethesch korrekt Juegd

D’PIRATEN si géint d’Klappjuegd a wëllen d’Juegd hei am Land am grousse Ganzen aneschters a méi am Respekt mat den Déieren ugoen. Dobäi sollen alternativ Juegdmethoden zum Asaz kommen. D’Gemeng kann op deene Grondstécker, op deene si Proprietär ass, d’Juegdlouse selwer iwwerhuelen, professionell Jeeër op dëse Plazen asetzen an op Klappjuegte verzichten. D’Gemeng kann nom Juegdgesetz souguer ee Juegdverbuet op dësen Terrainen duerchsetzen.

Eng Plaz fir eis Muppen an der Gemeng

Vill Déierenasyler hei am Land si voll mat Muppen a Kazen. Dës Déiere waarden all Dag op hir Chance, fir adoptéiert ze ginn. Aplaz Déiere beim Déierenziichter ze kafen, sollt een deenen Déieren hëllefen, déi an engem Asyl sinn. D’Gemeng soll déi Mënschen, déi een Hausdéier adoptéieren an domadder eng grouss Verantwortung op sech huelen, mat enger Primm belounen. Doriwwer eraus sollen op Plazen, wou net vill Bëscher oder Wise sinn, méi Muppentoiletten opgeriicht ginn, zemools bei Spillplazen, Kierfechter a Wunnvéierelen. D'PIRATEN ënnerstëtzen iwwerdeems d'Schafung vun Déierekierfechter.

Sammelstatiounen a Plaze fir Wëlldéieren

All Déier a Nout muss gehollef kënne kréien. Dofir wier et wichteg, datt d’Déierenopfaangstatiounen, d’Déierenasyler an och déi unerkannten Déiereschutzveräiner an eisem Land korrekt equipéiert sinn. D’Gemenge sollen sech pro Regioun zesummendoen, fir d’Käschte vun den Déierestatiounen ze deelen.

Obligatoreschen Chip fir Hënn a Kazen

All Hond an all Kaz mussen identifizéierbar sinn an dofir gechippt ginn. An der Gemeng muss dofir och eng Ulafstell existéieren, wou ee Chipliesegerät ze fannen ass, fir d'Besëtzer vu verluerenen Hausdéieren ausfënneg kënnen ze maachen.

D'Steriliséierung vu Kazen a Muppe soll vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn

Et ass am Interessi vun Déier a Mënsch, datt mer d'Déiere steriliséieren, fir net ze vill Nowuess ze hunn, ëm déi sech herno kee këmmert. D'Gemeng huet een Interessi drun, datt Hausdéieren sech net onkontrolléiert fortplanzen. Fir déi Leit, déi sech eng Steriliséierung net leeschte kënnen, soll d'Gemeng d'Käschte vun der Sterilisatioun iwwerhuelen.

Keng Déieren am Zirkus

D'PIRATEN refuséieren Haltung, Dressur an d'Präsentatioun vu wëllen Déieren am Zirkus grondsätzlech. Et gëtt, ausser der mënschlecher Kuriositéit, kee Gronn, fir wëll Déieren aus hirem Habitat ze rappen an onnatierlech Presentatiounen ënnert Stress iwwert sech mussen ergoen ze loossen. Mir fuerderen dofir e konsequent Verbuet vu wëllen Déieren an Zirkussen. D'Gemeng soll op sengem Territoire keen Zirkus erlaben, wann den Déiereschutz net garantéiert ass.

Déierekierfecht

Déiere ginn ëmmer méi wichteg fir d'Leit, si stellen en Deel vun der Famill duer. Mir PIRATEN wëllen e Kierfecht fir Hausdéiere schafen, wou d'Leit d'Äsche vun hiren Déiere verstreeë kënnen.